AECPT Infobliedchen

D'Wuert vum Präsident

Léif Kollegin, Léiwe Kolleg,

Fir eng besser Informatioun ze garantéieren, huet de Comité beschloss, esoubal ewéi eppes Neies ze mellen ass, iech mat Hëllef vun dësem klengen Infobliedchen, Noriichten zoukommen ze loossen.
Mir hoffen dass dir Iech doduerch ee bessert Bild kënnt machen, wat an der Entreprise geschitt a wat eis all direkt oder indirekt, ugeet.

De Präsident
Fernand Lucius

Kleedermass vum Personnal vum Réseau de vente

Op Demande vun der Division des Postes soll all Guichetsbeamten eng Tenue kréien, déi aus engem/r Hiem/Blouse an /oder Polo/Débardeur besteet. Mir hunn zwee Kollegen aus dem Komitee bestëmmt fir ons an enger Aarbechtsgrupp ze representéieren - Tanja Conter an Alex Muller.

Wann dir heizou Froen oder Virschléi hutt, zéckt net fir unzeruffen.

Recette vun der Loterie Nationale

Leider sinn eis Recette vun der Loterie an esou engem grousse Mooss zréckgaangen, dass mir ons Politik vun der Caisse compensatoire mussen iwwerdenken. (manner Recetten = manner Remboursement)

Besicht och ons Internetsaït op www.aecpt.lu

Besicht och ons Internetsaït op www.aecpt.lu

Poste vun den Expeditionnairen och fir Employé(e)s C ?

Wéi dir vläicht an dem leeschte Circulaire iwwert fräi Plaze gelies hutt, däerfe sech och an der Carrière glaïchgestallten C-Employéen op eis vacant Platze mellen.
(Dat gëllt awer nëmme fir Plazen, déi net am leschte reglementéierte Grad ausgeschriwwe sinn - 8 bis).
Och wann dat an ären Aen komesch ausgesäit, huet et ee groussen Avantage fir eis Carrière, näemlech d'Bäibehalen vum Nombre effectiv op eisen Avancementer am Cadre fermé.

De Späizmännchen

Virfall am Guichet

No dem exakten Respektéieren vun den Règles du recueil finances ass ee vun eise Membere vun engem Client verbal attackéiert ginn (an et gouf och op e gespaut). Doropshin huet de Client eng Reklamatioun !!! un d'Division des Postes gemeet.

Kommentar vun der DP: souguer wann de Guichetier d'Virschrëften aus dem genannte Recueil befollegt huet, hätt hie missen, mat « ***Analogie*** » aus deemselwechte Buch, eng aner Regel uwennen, déi net conforme mat dem Gefroten ass, nëmme fir dem Client senger Demande nozekommen. De Comité ass domat awer net averstan, Affaire à suivre.....

Den Comité wënscht iech alleguer schèi Feierdeeg

LUCIUS	FERNAND	Président			luciusf@pt.lu
LAURES-SCHEER	MONIQUE	Vice-présidente	621 131 021	4088-7074	Monique_Scheer@ept.lu
RUCKERT	CLAUDE	Sécrétaire	621 776 520	4088-7363	Claude_Ruckert@ept.lu
MULLER	MARCO	Trésorier			marquem@pt.lu
CONTER	TANIA	Adjoint au sécrétaire	621 620 508	26200009	Tania_Conter@ept.lu
STAAR	VICTOR	Responsable informatique	621 135 670	4088-7237	Victor_Staar@ept.lu
MULLER	ALEX	Loterie nationale			lexmu@pt.lu
KOHNER	TOM	Internet Homepage		4088-7250	Tom_Kohner@ept.lu
WEIGEL	CHRISTOPHE	Internet Homepage			chriswei@pt.lu
SCHON	JEAN-PIERRE				schon@pt.lu,
BUCHLER	PAUL			4991-5294	Paul_Buchler@ept,lu

Association des Expéditionnaires et Commis des P. & T.
Boîte Postale 1155
L-1011 Luxembourg
Tel.: 4765-4231 / 4088-7363
www.aecpt.lu

Nächst Infobliedchen Januar 2008 mat dem Datum vun der A.G. an der Caisse compensatoire